



Dossier de presse

Embargo : mardi 29.04.2014 à 17 heures

**Séance académique  
«175<sup>e</sup> anniversaire de l'indépendance du Grand-Duché de Luxembourg»**

**29 avril 2014**

**Discours**

**du président de la Chambre des députés, Mars Di Bartolomeo**

**(langue : luxembourgeois)**

Altesses Royales,  
Exzellenzen,  
Dir Dammen an Dir Hären,

Wéi Lëtzebuerg virun 175 Joer en eegestännegt Land ginn ass, hunn déi meescht vu menge Virfahren nach an den italieneschen Abruzzen, a Frankräich oder an Däitschland gelieft. Si sinn nom 1. Weltkrich op Lëtzebuerg komm an hunn, wéi zéngdausenden aner Lëtzebuerger an Netlëtzebuerger, an der Minière oder op der Schmelz matgeholf, dat haitegt Lëtzebuerg opzebauen.

Mär geet et domat wéi ganz ville Lëtzebuerger: Mär sinn all e Stéck Lëtzebuerg, déi eng scho méi laang, déi aner e bësse manner laang, mä all Membere vun där selwechter Communautéit.

Wéi Lëtzebuerg 1839 onofhängeg ginn ass, war et e klengt Land mat engem internationale Statut a vill méi enke Grenze wéi virun der Onofhängegkeet. Et war eng Monarchie ouni eegene Monarch, déi staatlech Institutiounen waren embryonär, d'Land war zimlech aarm, et gouf net vill Industrie oder Commerce. Virun 175 Joer hu vill Lëtzebuerger missen auswanderen, fir an Amerika oder soss op der Welt nei unzufänken.

Tëscht deemools an haut leie Welten, och wann eis Landesgrenzen net changéiert hunn. Wa mär haut zesumme feieren, da feiere mär en historeschen Datum, mä mär feieren och dat, wat mär iwwe Generatiounen aus dem Cadeau vun der Geschicht gemaach hunn.

An do dierf ee sech freeën, datt mär haut eng modern Demokratie sinn, déi weider perfektibel bleift. Dat huet och de Michel Pauly ganz gutt eriwwebruecht. Mär dierfen eis iwwe Fräiheet, Solidaritéit heibannen an no bause freeën, déi niewent der Gerechtegkeet, un där mär nach schaffe mussen, den Zement vun eiser faarweger Communautéit sinn.

Mär hunn et fäerdegbruecht, eng staark Industrie opzebauen, déi mär och haut nach brauchen. Mär hunn d'Wirtschaft diversifizéiert - déi Diversifikatioun muss ongebremsst weidergoen -, sinn haut eng vun deene bedeitendste Finanzplazen a gehéieren am Satellitewiesen zu de weltwäite Leaderen.

Lëtzebuerg huet d'Europäesch Unioun mat gegrënnt, den Euro mat geprägt an dat klengt Lëtzebuerg ass haut Member am Weltsécherheitsrot.

Wa mär haut ee vun de weltbeschte Sozialsystemer hunn, mat fräiem an universellen Zougank zu qualitativ exzellente Leeschtungen, dann hu mer dat enger staarker Aarbechterbewegung, engem Sozialdialog, dee progressiv opgebaut an erkämpft gouf, an der Erkenntnis ze verdanken, datt de wirtschaftlechen Erfolleg am Déngscht vun engem gerechte Sozialsystem muss stoen.

Haut hu mär hei zu Lëtzebuerg net vill manner Aarbechtsplaze wéi Awunner, an et kommen all Dag iwwer 160.000 Noperen iwwert d'Grenzen, fir hei ze schaffen. Leider gëtt dat oft iwwersinn, wann ee vu baussen op Lëtzebuerg kuckt oder mam Fanger op eis weist. Doniewent liewen hei am Land ongeféier 240.000 Leit, déi zwar net eis Nationalitéit hunn, mä en Deel vum haitege multikulturelle Lëtzebuerg sinn.

Lëtzebuerg wier also haut net dat wat et ass, wann et deemools bliwwe wär wat et war. Wéilte mär dohin zréck, da misste mär elo mat Karacho de Réckgank aleeën. Mä dat wëllt keen, well och wa Villes anescht, oft besser ginn ass, ass Wichteges, jo Iwwerliewenswichteges bliwwen.

Eis Lëtzebuenger Sprooch huet eis zesummegehalen, eis Villsproochegkeet war an ass de Schlëssel, deen eis vill Dieren opgemaach huet.

Eis Eegestännegkeet huet eis Weeër a staark europäesch an international Partnerschaften erméiglecht, bei deene mär zwar en Deel vun eiser Onofhängegkeet abruecht hunn, mä un Afloss, un Opportunitéite gewonnen hunn, déi a kenger Relatioun zu eiser territorialer Winzegkeet stinn.

Eis Identitéit, déi staark vun eiser Diversitéit geprägt ass, gekoppelt mat engem oppene Geescht, de Pionéiergeescht, deen eis a Secteure staark gemaach huet, fir déi mär eigentlech vill ze kleng waren, an eis Solidaritéit, wann et drop ukënnt, däerfe mär net a Fro stellen.

Zesummen, am Dialog, hu mär et zum Beispill fäerdegbruecht, wéi d'Stolkris eis an de 70er Joren haart getraff huet, Zéngdausenden eng Aarbecht ze erhalen. A wa mär dat wierklech zesummen zu eiser éischer Prioritéit maachen, musse mär et och packen, fir haut Dausende vu Leit, déi eng Aarbecht sichen, eng Schaff ze ginn.

Wa mär et fäerdegbruecht hunn, Lëtzebuerg nom Krich nees opzebauen, da musse mär et och fäerdegbréngen, déi Wunnengen ze bauen, déi mär brauchen, fir jiddwerengem e bezuelbaren Daach iwwert dem Kapp ze sécheren.

Zu gudder Lescht wäerte mär et och fäerdegréngen, eis Finanzen erëm an d'Rei ze bréngen, fir eis wonnerbar Sozialsystemer ofzesécheren, wa mär d'Laaschte gerecht verdeelen.

Altesses Royales, Dir Dammen an Dir Hären,

Déi lescht 175 Joer mat Héichten an Déiften, an déi ech mech bei der Virbereedung vun dësen Iwwerleeungen eragelieft hunn, hu mech dovun iwwerzeegt, datt mär keng Angscht virun der Zukunft brauchen ze hunn.

A wa mär eis op eis Stärkte besënnen a bedenken, wat déi viregt Generatiounen ënner oft schwierere Konditiounen geleescht hunn, da wäerte mär et ënner wesentlech bessere Konditiounen och packen, Lëtzebuerg virunzebréngen.

Ech soen Iech Merci.